N° 6129
Reçue le 02.05.2022
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.05.2022

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 2. Mee 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden:

Am Kader vum Lëtzebuerger Warnsystem kritt haut déi gesamt Bevëlkerung eng Test-Warn-SMS geschéckt.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Op wat fir eng Manéier kënnt de Staat un d'GSM-Nummeren vun allen Awunner vum Land? Ass garantéiert dat all Awunner erreecht gëtt?
2. Kënnen esou Messagen iwwer SMS och differenzéiert ginn, z.B. nëmmen u Leit déi no beim Waasser wunnen oder cibléiert op verschidde Gemengen?
3. Ass des Aktioun konform zu de gesetzleche Bestëmmungen iwwert den Dateschutz?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen, Deputéierten